Tex Roland
Gemengerot

Alzeng, den 10 Juli 2019

Här Marc Lies
Buergermeeschter vun Hesper

Här Buergermeeschter ,

Conforme zu eisem internen Reglement, erlaben ech mer heimat en puer Froen zu eiser Gemeng ze stellen :

Den 14.Juni huet dir de Gemengerot fir eng dringend informell Reunioun zesummegeruff fir dëse Gremium iwwert eventuell finanziell Transaktiounen zu Ongonschten vun der Gemeng Hesper ze informéieren. Well et mer net méiglech war an deeër kuerzer Zäit aus dem Ausland zeréck ze sinn, konnt ech do net derbäi sinn an erlabe mer duerfir op dësem Wee nach e puer Präzisiounen ze froen :

- Wei ass déi intern Prozedur vun der Gemeng wat Approbatioun an d ‘Bezuele vu Rechnungen ugeet?
- Wéini sinn déi éischt falsch Facturen ausgestallt ginn ?
- Wéi héich ass déi Zomm déi fraudéiert gouf ?
- Sinn dës Suen nees ze récupéréieren a wellech Méiglechkeeten huet d ‘Gemeng ?
- Huet de Schäfferot dru geduecht en externen Audit maachen ze loossen ?
- Wat ënnerhëlt de Schäfferot datt esou Dysfonctionnementer net méi kënnen virkommen ?

Mat menge beschte Gréiss

TEX Roland